PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
28 OCT. 2019
M01

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/10/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen, Emwelt, Klima a nohalteg Entwécklung, Konsumenteschutz & Energie weiderzeleeden.

A menger parlamentarescher Fro n° 411 vum 25 Februar 2019 wollt ech vun den Dammen an Häre Minister wëssen wat hir Aschätzung betreffend Reparature vu Produiten ass. Ech hunn ënnert Anerem drop higewisen, datt am noen Ausland (Bulgarien, Schweden, etc.) konkret Mesuren ergraff goufen, déi d'Reparéieren aktiv promouvéieren. Sief dëst duerch eng Baisse vun der TVA op den Aarbechten, duerch eng Verlängerung vun de legale Garantien beim Kaf vun engem Objet oder duerch d'Legiferéieren géint d'geplangten Obsoleszenz.

Als Äntwert op meng Fro vum 22. Mäerz 2019, zitéiert den Finanzminister Pierre Gramegna een Paragraf aus dem Koalitiounsaccord, ouni weider Explikatiounen ze ginn.

Effektiv gesäit de Koalitiounsaccord eng ganz Rei Mesuren en Faveur vun enger Reparatiounskultur an der Economie circulaire vir. Meng Fro vum 25. Februar sollt awer méi wäit gräifen, an ech wollt konkret vun der Regierung wëssen wéini di entspriechend Mesuren genee emgesat ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Dir Dammen an Häre Minister, wéini ginn déi Mesuren, déi Dir am Koalitiounsaccord ugekënnegt hutt ëmgesat?

2. Wéi stinn di Dammen an Häre Minister zu folgenden Mesuren:

    1. Legiferéieren géint d'geplangten Obsoleszenz?
    2. Verlängerung vun der legaler Garantie op Produiten?
    3. Enger Baisse vun der TVA op Reparatiounen?
    4. D'Promouvéieren vu Reparatiounen duerch steierlech Erliichterungen?

3. Ass d'Regierung sech der „First Mover Positioun" vun aneren europäesche Länner op dësem Gebitt bewosst? Wa jo, firwat leeft Lëtzebuerg an dëser Fro dem noen Ausland weiderhin hannendrun, wëssend datt mir um Gebitt vun der Nohaltegkeet séier mussen agéieren?

Mat déiwem Respekt,

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

GOERGEN Marc
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 28 octobre 2019

Objet : Question parlementaire n° 1401 du 28.10.2019 de Monsieur le Député Marc Goergen - Réparations de produits

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Claude Wiseler
Vice-Président de la Chambre des Députés